
# EUROPÄESCH**MOBILITÉITS**WOCH

16.-22. SEPTEMBER 2021



# ***Beweeg dech a bleif gesond.***

**#mobility**week

RÉISERBANN
d'Réiser Gemeng

KlimaPakt
EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

## Fr. 17.09.

um 08:45 Auer **Rendez-Vous** zu **Bierchem** op der **Gare**

### Tour mam öffentlechen Transport duercht Land

Mir starten zu Bierchem bei der Gare a fueren a Richtung Stad an drénken do Kaffi, zu Klierf ass fir Mëtteg en Dësch am Restaurant Koener reservéiert an zu Ettelbréck genéisse mir ee gudde Patt am Laf vum Mëtteg. Duerno fuere mir Richtung Pafendall-Kierchbierg an huelen de Funiculaire an den Tram bis bei d'Stater-Gare. Da fuere mir zeréck op Bierchem.

um 10:00 Auer am **Club Eist Heem**

### Qi Gong mam Volker Bänsch

## Sa. 18.09.

vu 14:00 Auer bis 18:00 Auer zu **Beetebuerg** op der **Kierchplaz**

### Vëlooccasiounsmaart / Expo a Verkaf vu Vëloen

D'**Aschreiwung** ass **obligatoresch** bis Freides, de **17. September um 12:00 Auer** bei VëLokal per Telefon um 691 464 645 oder per E-mail op info@velokal.lu

Dir kënnt eis Äre Vëlo ab 10:00 Auer bis 13:00 Auer op der Kierchplaz laanscht bréngen an e bis spéitstens 18:30 Auer siche komme wann en net verkaaf ginn ass.

### Bike Repair

Loosst Ärem Vëlo seng kleng Bobo'en flécken.

### Infostand vu Zéro mégot

## Dë. 21.09.

19:30 Auer zu **Réiser** am **Festsall Blouet**

### Konferenz mam David Everard

Aktiv Mënsche bleiwe méi laang fit, si manner ufälleg fir Zivilisatiounskrankheeten a leien der Gesellschaft a villen Hisiichte manner op der Täsch. Awer huet een déi selwecht Fräiheeten ewéi Mënschen, déi sech fir de motoriséierten Individualverkéier entscheeden? A wéi steet et ëm d'Sécherheet beim Spadséieren oder Vëlofueren? Den David Everard, onofhängege Beroder a Saache nohalteg Mobilitéit a siwe Joer laang den nationale Koordinator vun der europäescher Mobilitéitswoch, deelt den 21. September seng Gedanken zum Thema mat Iech.

## Dë. 21.09.

um 09:00 Auer **Rendez-Vous** zu **Esch/Uelzecht** op der **Gare**

### Footing mat der IZI-App / Architekturrundgang Esch-sur-Alzette

Nom Tour ass e Mëttegiesse geplangt.

## Më. 22.09.

um 15:00 Auer **Rendez-Vous Sandwee Krautem, Picknickplaatz**

### Resilienzspadséiergang durch de Krautemer Bësch

Wéi kënne mir eis selwer stäerke fir d'Erausfuerderunge vum Alldag besser ze meeschteren? Op engem Tour duerch de Krautemer Bësch kënnt dir op e puer Statioune verschidde Methode léieren wéi z.B. bei Otemübunge wéi dat geléngt. Onkäschtebäitrag: 5 €.

**Fir weider Informatiounen:** Service écologique - Tel. 36 92 32-257 - ecologie@roeser.lu